



5. Communications

Dann hunn ech folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Froen a vun den Äntwerte läit hei um Dësch.

2) D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sëtzung an der Chamber deponéiert goufen, ass un d'Fraktioun verdeelt ginn.

3) Eng Lëscht mat de Petitiounen, déi de 26. Juni fir d'Éischt vun der Petitiounskommissioun an du vun der Conférence des Présidents als recevabel erkläert gi sinn, ass de Fraktiounen zougestallt ginn.

4) Dann huet d'Commission juridique eng Sous-commission «Modernisation du droit luxembourgeois des sociétés» an d'Liewe geruff, déi sech wéi folgt zesummesetzt: den Här Léon Gloden, den Här Franz Fayot, den Här Guy Arendt, d'Madame Viviane Loschetter an den Här Roy Reding. A wann ech mech net iren, ass den Här Franz Fayot President vun där Sous-Kommissioun.

5) Dann hunn d'Commission de l'Environnement an d'Kommissioun vum Développement durable eng Sous-commission «chargée de la préparation du débat d'orientation avec rapport sur l'orientation politique ainsi que le cadre d'action en matière de climat et d'énergie» agesat. Si setzt sech aus deenen Häre Marco Schank, Félix Eischen, Eugène Berger, Max Hahn, Frank Arndt, Roger Negri, Claude Adam, Henri Kox, Justin Turpel a Fernand Kartheiser zesummen. An den Henri Kox iwwerhëlt d'Présidentschaft vun där Sous-Kommissioun.

Communications du Président - séance publique du 2 juillet 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et les projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

6700 - *Projet de loi portant approbation de l'amendement au Protocole de Kyoto à la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques, adopté à Doha le 8 décembre 2012*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24.06.2014

6701 - *Projet de règlement grand-ducal relatif à la prolongation de la participation du Luxembourg à la mission civile de l'Union européenne «EUCAP Sahel Niger»*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 27.06.2014

6702 - *Projet de règlement grand-ducal relatif à la prolongation de la participation du Luxembourg à la mission «État de droit» menée par l'Union européenne au Kosovo (EULEX KOSOVO)*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 27.06.2014

6703 - *Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base électorale*

Dépôt: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 01.07.2014

3) Les pétitions publiques suivantes ont été déclarées recevables en date du 26 juin 2014:

Pétition publique n°379 - Et gëtt eng Alternativ! Remboursement intégral des médicaments homéopathiques

Dépôt: 27.05.2014

Pétition publique n°397 - Lutte contre les abus sexuels et l'exploitation sexuelle des enfants, ainsi que la pédopornographie

Dépôt: 13.06.2014

Pétition publique n°398 - Fir d'Trennung vu Kierch a Stat - Pour la séparation de l'Église et de l'État

Dépôt: 13.06.2014

4) La Commission juridique a constitué une Sous-commission «Modernisation du droit luxembourgeois des sociétés» composée de M. Léon Gloden, M. Franz Fayot, M. Guy Arendt, Mme Viviane Loschetter et M. Roy Reding.

5) La Commission de l'Environnement et la Commission du Développement durable ont constitué une Sous-commission «chargée de la préparation

du débat d'orientation avec rapport sur l'orientation politique ainsi que le cadre d'action en matière de climat et d'énergie» composée de MM. Marco Schank, Félix Eischen, Eugène Berger, Max Hahn, Frank Arndt, Roger Negri, Claude Adam, Henri Kox, Justin Turpel et Fernand Kartheiser.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

Wann d'Chamber do dermat d'accord ass, dann ass dat esou?

(Assentiment)

Dann ass et esou. Merci.

6. 6698 - Proposition de loi

1. modifiant la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. autorisant la création par les communes de classes spécialisées d'accueil pour enfants nouvellement installés au pays

Déclaration de recevabilité

Dann huet an hirer Réunioun vum 26. Juni d'Présidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6698 iwwert den Enseignement fondamental an d'Schafe vu Klasse fir Kanner, déi nei an d'Land kommen, ausgeschwat. Déi Proposition de loi gouf de 17. Juni vum Här Fernand Kartheiser deponéiert.

Schléisst d'Chamber sech där Décisioun oder Proposition un?

► Une voix.- Jo.

► M. le Président.- Dann ass dat esou décidéiert.

(La proposition de loi 6698 est renvoyée à la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.)

7. 6699 - Proposition de loi relative à l'organisation d'un référendum national sur l'ouverture du mariage et de l'adoption aux couples de même sexe

Déclaration de recevabilité

An därselwechter Réunioun huet sech d'Présidentekonferenz och fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6699 iwwert d'Organisation vun engem Referendum iwwert d'Bestietnis fir gläichgeschlechtlech Koppelen ausgeschwat. Déi Proposition de loi, ouni Rücksicht op elo dat, wat um legislative Plang geschitt ass, gouf de 17. Juni vum Fernand Kartheiser deponéiert.

Schléisst d'Chamber sech där doter Proposition un?

(Assentiment)

Dann ass och dat esou décidéiert.

(La proposition de loi 6699 est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

8. Ordre du jour

Den Ordre du jour, deem d'Présidentekonferenz virgeschloen huet, fannt Der an Ärem Dossier.

Mir fänken haut u mat der Froestonn an dann, aus Rücksicht op den Terminkalenner vun deenen eenzelne Regierungsmemberen, hu mer am Accord mat der Presidentekonferenz eng aner Gruppéierung vun de Projete gemaach; wat awer näischt un der Aarbecht vun der Chamber ännert.

Ass d'Chamber mat där proposéierter Formel vun dem Ordre du jour d'accord?

(Assentiment)

Dann ass dat esou a mir fänke mat enger Froestonn un d'Regierung un. Wéi Der wësst, ass déi Froestonn geméiss Artikel 83 vum Chambersreglement, dat reglementéiert: De Froesteller huet zwou Minutten Zäit an d'Regierung véier Minutten Zäit, fir dorop ze äntwerten. Ech wäert och drop oppassen, dass déi Zäit genee respektéiert gëtt.

Déi éischt Fro riicht sech un de Minister vum Développement durable a kënnt vum Här Edy Mertens, an et geet ëm de Führerschäi fir d'Mataarbechter respektiv d'Agenten vun den Hëllefsgéngschter. Den honorabelen Här Mertens huet d'Wuert.

9. Heure de questions au Gouvernement

- Question n°50 du 30 juin 2014 de M. Edy Mertens relative au permis de

conduire spécifique pour les agents des services de secours, les autorisant à conduire, sans être titulaire du permis de conduire «poids lourds», un véhicule automoteur d'une masse maximale autorisée excédant 3.500 kg, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

► M. Edy Mertens (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bon, ech hätt eng Fro un den Nohaltegkeetsminister betreffend de Führerschäin, pardon, un den Här Innenminister betreffend de Führerschäi vun eisen Ambulancier. Ech hu ganz vill Kontakt mat hinnen als Landdokter a si hu mech deslescht op dee Problem higewisen.

Et ass nämlech esou, dass hei am Land en Ambulancier ka mat engem normalen Autoführerschäin eng Ambulanz steieren, och wa se iwwer 3.500 Kilo weit, wat ganz schnell de Fall ass och, hunn ech mer soe gelooss, bei deenen neien Ambulanzen, déi mer kréien. Ech mengen, mäi Kolleeg Max Hahn weess, vu wat dat ech do schwätzen.

Et ass esou, dass eng Dispositioun hei am Land besteet, si kënnen hei am Land domat fueren. Mä si hu mer d'Fro gestallt, wéi ass dat elo, wa se an d'Ausland fueren. A bei mir do uewen ass dat dach awer ëfters de Fall, dass nämlech d'Patienten drop halen, op Sankt Vith oder op Baaschtnech gefouert ze ginn. An déi Ambulancier hunn Ängscht, dass hire Führerschäin do net valabel wier. An ech wësst gären, wéi dat wier an, wann et esou ass, wat den Här Minister gedénkt ze maachen, fir déi Situatioun ze klären.

Villmools Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► M. le Président.- Si war zwar un den Här Nohaltegkeetsminister gericht, mä...

► M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.- Jo, mä...

► M. le Président.- D'Regierung huet sech...

► M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.- ...d'Kompetenz vun den Ambulancier läit beim Innenminister.

► M. le Président.- Voilà. An et ass den Innenminister, deem dorop wäert äntworten. Den Här Dan Kersch huet d'Wuert.

► M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.- Merci, Här President. Effektiv, déi Problematik, déi hei ugeschwat gëtt, ass d'Problematik vum Gewicht vun eisen Asazween insgesamt. An et ass effektiv esou, dass d'Leergewicht eleng scho vun den Ambulanzen am Moment op 3,2 t kann eropgoen. An dat bréngt dann d'Problematik mat sech, dass effektiv dat méi wéi 3.500 kg sinn, wann dat besat ass. Émsou méi, wann och nach zousätzlecht Material vun de SAMUe muss matgefouert ginn. An dofir ass schonn d'lescht Joer e Règlement grand-ducal geholl ginn, deem de Code de la Route ofännert an deem Sënn, dass déi Leit, déi fir d'Protection civile aktiv sinn, wa se eng extra Genehmigung vun Intérieur hunn, kënnen da Gefierer fueren, déi bis 4,25 t ginn.

Ech muss allerdéngs soen, dass dat richtig ass, dass déi Genehmigung selbstverständlech nëmmen op den Territoire vum Grand-Duché reduzéiert ass, dass mer also d'Problematik hunn, dass, wann déi Gefierer an d'Ausland ginn, mer effektiv dee Problem kéinte kréien, deem den Här Mertens hei opgeworf huet. An dofir si mer amgaangen, souwuel mat der Belsch wéi och mat Frankräich an och mat Däitschland bilateral Accorden ze fannen, fir dass et vice versa méiglech ass, dann déi Asazween ze gebrauchen, och wa se déi 3,5 t géifen iwwerschreiden.

Ech wollt vläicht soen, dass den Accord, wat d'Belsch ugeet, souwäit ënnerschrëft ass, dass mer awer just nach drop waarden, dass déi nei Belsch Regierung en place ass, fir dat da kënnen ze maachen.

Mir sinn och mat de Fransouse scho relativ wäit virukomm. D'Concertatioun si scho geschitt an et ass eis Ambitioun, nach dëst Joer zu engem Accord ze kommen.

Den Thema ass och ugeschnidde gi bei Geleeënheet vun der Ministerkonferenz tëschent der Lëtzeburger Regierung an der Regierung vu Rheinland-Pfalz, an do ass festgehal ginn, dass dat net kann um Niveau vun de Länner geregelt ginn, mä dass mer dat müssen um Niveau vum Bund maachen. An och do sinn déi éischt Consultatiounen scho geholl ginn, soudass ech mengen, dass mer déi Problematik do erkannt hunn an dass mer och esou séier wéi méiglech wäerte Remedur schafen.

► M. le Président.- Merci dem Här Innenminister. Déi nächst Fro, dat ass d'Fro N°51, kënnt vum Här Marc Spautz a riicht sech un d'Familljeministesche a betrëfft de Regime vun de Familljenzoulagen. Den Här Spautz huet d'Wuert.

- Question n°51 du 2 juillet 2014 de M. Marc Spautz relative aux futures orientations au niveau du système d'allocations familiales au Luxembourg, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

► M. Marc Spautz (CSV).- Merci, Här President. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, meng Fro geet an déi Richtung: D'Madame Familljeminister hat mer am Januar geäntwert, dass am Laf vum Joer gegebenenfalls Ännerunge géifen un de Familljenzoulage virgeholl ginn. D'Regierung ass amgaangen, de Budget ze ficeléiere fir d'Budgetsjoer 2015, soudass ech dovun ausginn, dass da schonn d'Décisioun gefall ass, ob eppes geschitt un de Familljenzoulagen oder net.

Dofir ass meng Fro: Gëtt eppes geännert fir d'Budgetsjoer 2015?

Dat huet jo Relatioun mam Statsbudget. Dat huet awer och Relatioun mam Privatbudget vun de Leit doheem, fir dass si och wëssen, wat am Joer 2015 op se zoukënn, a gegebenenfalls och op de kommunale Budget, well deemno, wat jo dann déi nei Proposition wier, misste jo och d'Gemeenge Bescheed wëssen, fir 2015 deementspreechend hir Budgete kënnen opzestellen.

Merci.

► M. le Président.- Merci och dem Här Spautz. An d'Wuert huet d'Familljeministesche, d'Madame Corinne Cahen.

► Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Här President, ech soen dem honorabelen Deputéierte Marc Spautz villmools Merci fir d'Fro. Dir froet mech e bëssen iwwert den Timing, an Dir hutt richtig gesot, ech sot „am Laf vum Joer“, a mir sinn och amgaangen, am Moment drun ze schaffen.

Ech erlabe mer awer, vun der Geleeënheet ze profitéieren, well ech jo e bëssen Zäit hunn, fir nach eng Kéier ze insistéieren, op wat mer elo schaffen a wéi mer am Moment am Fong geholl virginn. Mir wëllen op kee Fall d'Liewensart a -weis vun de Leit jugéieren oder och a Fro stellen. Mir sinn der Meenung, dass jiddweree soll kënnen a muss liewen, wéi e wëllt, an och virun allem säi Familljeliewen a seng Kanner esou soll kënnen organiséieren, wéi en dat virhuet. Et steet eis op jidde Fall net zou ze jugéieren. A mir respektéieren do och all Choix an dësem Kontext.

Et ass awer natierlech esou, dass déi dräi Partner am Koalitiounsaccord festgehalen hunn, dass mer fir d'Zukunft eng aner Politik hei am Land wëlle maachen. Dëst ass och wuel néideg. Mir hunn national an awer och op europäeschem Plang, zum Beispill, ons engagéiert, fir d'Zuel vun de Fraen um Aarbechtsmarché ze erhéien. Mir hunn ons verpflichtet, fir d'Chancëgläichheet ze féideren. An d'Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra, dat heescht och, finanziell onofhängeg vum Partner ze sinn, sech sozialverséichert ze hunn an deemno och natierlech, a mir schwätzen dacks driwwer, spéiderhin och eege Pensionsrechter ze hunn. Dat ass zum Beispill eppes, wat mer an deene ganzen Diskussiounen hei berücksichtegen.

Do dernieft wëlle mer awer och virun allem an dësen Diskussiounen d'Startchancë fir d'Kanner berücksichtegen am Liewen. All Kand ass gläich. A mir müssen eben derfir suergen, dass weder d'Nationalitéit nach de sozialen Hannergrond ausschlaggebend sinn dofir, ob e Kand an Zukunft méi Chancen huet oder net.

Mir stellen awer och fest, dass mer eis op där enger Säit déi Ziler do ginn hunn, op där anerer Säit awer d'Objektiver de Moment op jidde Fall nach net erfüllen. An der Schoul op jidde Fall diktéiere leider de sozialen Hannergrond respektiv d'Nationalitéit nach ëmmer ze dacks d'Reussite oder den Échec vun de Kanner. A genee dat veranlasst eis dozou, eis Politik aus de vergaangene Joren, déi ech hei wierklech net beuerteelen oder bewäerte wëll, ze iwwerschaffen a se eben un d'Ziler unzepassen, déi mer eis haut als Gesellschaft ginn, an eben och, fir de Besoin vun de Leit - an alle Leit - an de Familljen a virun allem de Kanner wëlle gerecht ze ginn.

Bon, mir sinn, wéi gesot, amgaangen ze kucken tëschent de Ministère, net nëmmen um Familljeministère, mä och um Niveau Kannergeld, mä awer och an der Logementspolitik, an der Schoulpolitik, an dann an enger zweeter Phas dann och um Niveau vun de Steieren, fir eng ganzheetlech Politik ze maachen, eng ganzheetlech Approche ze kréie par rapport zu de Kanner an zu de Familljen.

Mir kucken eben d'Kannergeld net isoléiert, mä am Zesummespill mat Leeschtungen, déi mer op anere Plaze ginn. An dat Ganzt ebe mam Zil, dass d'Kanner an d'Famillje solle gestärkt ginn. Dat heescht, d'Kannerarmut wëlle mer systematesch bekämpfen op all Niveau an d'Startchancen an d'Liewe wëlle mer wierklech verbesseren.